

**Eis Refractairen**

- |                    |         |                     |           |
|--------------------|---------|---------------------|-----------|
| 1. BROSOM Pierre,  | Befort  | 7. MOLITOR COUNI,   | Befort    |
| 2. DONVEN MICHY,   | Befort  | 8. NEY ERNY,        | Befort    |
| 3. HAUSMANN ANDRÉ, | Déiljen | 9. SIEBENALER RENÉ, | Befort    |
| 4. KINNEN Nic.,    | Befort  | 10. THEIS JEAN,     | Befort    |
| 5. KNAF ALEX,      | Befort  | 11. THEIS FRANZ,    | Grondhaff |
| 6. MAUER ROBERT,   | Befort  |                     |           |

Befort (as gläich duerno un de Suite gestuert)

**7. November 1942**

D'amerikanesch Truppen, zesumme mat den Englänner, landen an Afrika, Marokko an Algerien.

**11. November 1942**

Deen Deel vu Frankräich, dee bis dohin nët besat war, gët och vun de Preise besat.

**19. November 1942**

Bis dohi waren dem Hitler séng Truppe bis déif a Russland eragaangen. Dausende vun Dierfer a Stied waren zerstéiert gin. Zivilpersounen an Zaldote ware mat Honnerttausenden ém-komm. Awer de russesche Géigeschlag setzt elo bei Stalingrad an. Déi ischt grouss Nidderlag fër d'Preisen.

**1943**

Den 2. Februar kapituléiert de Generolfeldmarschall Paulus mat der 6. däitscher Arméi bei Stalingrad. Eng Nidderlag, wéi d'Preisen sech se ni erwaart haten. Hei zu Lëtzebuerg, an der ganzer fräier Welt, an de Prisongen a Kazetter war eng grousses Freed.

**10. Februar 1943**

D'Lëtzebuurger Medercher aus dem RAD gin an de Kriegshilfsdienst agezugen. Si mussen a preisesch Fabrécke schaffe gon.

**13. Mee 1943**

De Rest vun dem däitschen Afrika-Korps muss kapituléieren, "d'Siegesmeldungen" vun de Preise gin awer virun. De 24. Mee brécht de Großadmiral Dönitz no schwéiere Verloster den U-Boot-Kréich am Atlantik of. All gout Lëtzebuurger hoffen, datt de Kréich nët méi laang dauert. Déi puer Matläfer kréie mat der Aangst ze don. Leider mussen nach vill Lett, Zaldoten an Ziviléit, stierwen.

**10. Juli 1943**

D'amerikanesch Truppen zesumme mat den Englänner landen op Sizilien. De Mussolini gët gestürzt a gefaange geholl.

**3. September 1943**

D'Englänner landen a Süditalien. Italie gët sech geschlon a mécht mat de westlechen Alliéierte Waffestëlstand.

Den 9. September landen d'Amerikaner zu Salerno an Italien. Den 12. September léisst den Hitler säi Frënd Mussolini, deen a Gefaangenschaft war, befreien. Dee muss awer elo man, wat den Hitler vun him verlaangt.

**1944**

De 25. Februar gin zu Hinzert erëm 23 Lëtzebuurger Patrioten a Resistenzler erschoss. Et sin dat Kapphären aus der Resistenz, déi och Jongen iwver d'Grenz a Frankräich gefouert hatten. Trotz de Réckschléi, déi d'Preisen elo an engem Stéck op de Fronten astieche mussen, gi si éimmer méi schro vir géint déi, déi nët mat hinne schaffe wëllen.

**6. Juni 1944**

D'Amerikaner an d'Englänner, éinner hinne Fräiwëlleger aus der ganzer Welt, och Lëtzebuurger, landen an der Normandie.

**20. Juli 1944**

En Attentat op den Hitler schléit leider feel. Millioune Lett hätte soss nach kënne gerett gin.

**15. August 1944**

Amerikanesch a franséisch Truppe landen an der Provence an de 25. August, 10 Deeg méi spitt gët Paräis liberéiert.

**V1-Rakéite gin zu Befort néier**

Vum Juni bis Dezember 1944 sin dem Hitler séng "Vergeltungswaffen" an den Asaz komm. Et waren déi vu färe gesteiert Rakéiten V1. Si ware bestëmmt, fër am Hafgebitt vun Antwerpen néierzegoen. Et waren dat Sprengkierper vun 2 Tonnen, 8 Meter laang a 5 brät. Wann d'Motoren ausgesat hun, sin se aus enger Héicht vun 800 Meter erfogaangen.

Déi éischt dervun as hei zu Befort op der Häd, op der Strooss fër op Eppelduerf néiergaangen. Et war de 15. Oktober 1944. Déi zweet as den 29. Oktober op der énneschter Häd (Halerstrooss) beim "Houschbour" (elo Haus Wengler) erfogaangen. Schued gouf et un den Haiser, awer glécklecherweis war kengem e Leed geschéit.

**1. September 1944**

An der Nuecht vum 31. August op den 1. September, wéi dem General Patton séng Panzer nach hanner Verdun stongen, 75 km Loftlunn vu Lëtzebuerg, huet de Gauleiter Simon éist Land schun Hals iwver Kapp verlooss.

Däitsch Familijen a Lëtzebuurger Matlefer si mat Kofferen a Käercher op déi extra Zich gerannt, déi op der Gare stonge, fër si an d'Preiseland ze transportéieren.

Op de Stroossen hu sech huerteg déi déck Collaborateure mat Autoen, Camionetten an Handwernercher op de Wee gin, séiter iwver d'Sauer oder d'Musel ze kommen.



De 15. Oktober 1944 sin déi éischt Rakéiten zu Befort néiergaangen  
D'Haus Laschet-Wolff an d'Haus Mett Lenert (Haus Rauen-Lenert), haut Grand'rué Nr. 46 an Nr. 44